



DAACHVERBAND VUN
DE LËTZEBUERGER
JUGENDSTRUKTUREN

DLJ a.s.b.l.
87, route de Thionville
L-2611 | Luxembourg
+352 26 29 32 35
info@dlj.lu | www.dlj.lu

Lëtzebuerg, de 24. November 2021

Projet Social Boys

Léif Jugendaarbechter*innen,

Mir siche **Jugendhaiser** a **männlech Jugendlecher**, déi beim Projet Social Boys matmaache wëllen an zielen dobäi op är Ënnerstëtzung!

Am Kader vun dësem Projet, deen den infoMann zesumme mam DLJ an dem LTPES lancéiert, kréien an éischer Linn männlech Participanten d'Méiglechkeet sech 2-4 Stonnen an der Woch während 3 – 6 Méint fräiwëlleg an Arichtungen vum der ausserschoulescher Kannerbetreierung z'engagéieren, a kënnen doduerch éischt Berufserfahrungen an engem spannende Berufsfeld sammeln. Zum Schluss vun hirem Engagement kréien d'Participanten am Kader vun enger Ofschlossfeier een Zertifikat an ee Präis iwwerreicht.

Während hirem Asaz gi si vu Jugendaarbechter*innen, also iech, a vu Mataarbechter*innen aus der Crèche resp. der Maison Relais ënnerstëtzt. Déi fachlech Begleedung vun de professionelle Mentore gëtt vu Säite vun infoMann assuréiert.

Wann dir interesséiert sidd als Jugendhaus matzemaachen, a Jonker hutt déi fir dëse Projet a Fro kommen, dann huelt w.e.g. mat eis Kontakt op fir déi weider Demarchen ze beschwätzen: kommunikatioun@dlj.lu

An der Annexe fannt dir ee Flyer fir an ärem Haus ze verdeelen. Weidert Material schécke mir iech an den nächsten Deeg, fir ab Dezember op äre Soziale Medien ze deelen.

Bei weidere Froen zum Projet kënnt dir eis gäre kontaktéieren.

Merci fir är Ënnerstëtzung!



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre
les femmes et les hommes



DAACHVERBAND VUN
DE LËTZEBUERGER
JUGENDSTRUKTUREN

infoMann
actTogether asbl

